

Noruff op de Roby Kieffer


Den 10. November d'lescht Joer huet sech d'Noriicht vum onerwaartenen Doud vum Roby Kieffer zu Kielen wéi e Laffeier verbreet. De Kieffesch Rob, wéi en allgemeng genannt gouf, war en Häerz an eng Séil vum Kielener Kultur- a Veräinsliewen.

Während Jore war de Roby an der Kielener Musek d'dreiwend Kraaft. Als Saxofonist huet hien 1963 um Sopran ugefaang an ass spéider ëmmer méi no hanne geréckelt. Fir d'éischt um Saxofon Tenor an duerno um Saxofon Baryton. D'Musek gouf him souzeoen an d'Wéi geluegt, well hie war Musikant an der drëtter Generatioun vum enger Musikantefamill. Ausser him souze nämlech scho säi Bop, de Kieffesch Misch, a säi Papp, de Rënn, um Pult.

Am Joer 1977 ass hien, mat e puer anere jonken an dynamesche Leit, an de Komitee gewielt ginn, an deem en 1980 d'Präsidentschaft iwwerholl huet. Den neie Komitee ënnert senger Direktioun hat dann och ganz vill nei Iddien an duerch dem Roby seng Dynamik a seng Initiative sinn och vill vun diesen Iddien „en musique“ ëmgesat ginn. Et ass besonnech op d'Jugend an op d'Kollegialitéit ënnert de Musikante gebaut ginn, wat all Joers méi seng Friichte gedroen huet.

Besonnech dem Rob seng Iddi war et, fir eppes komplett aneschteres a Saachen Uniformen an d'Wee ze leeden: „Mir mussen ewech vun deene sougenannten „Luftwaffenuniformen“, wéi hien ëmmer gesot huet. Hien huet sech mam Alain Atten a mam Colette Weyer-Kosch zesummesat, fir iergend eng Art folkloristesche Uniform, déi zu Lëtzebuerg sollt passen, zesummen ze schneiden. Dës Uniform war en Novum hei am Land, e méi elegante Kiddel mat engem grouse schwaarzen Hutt.

Dem Rob säin „Dadda“ war ier och, fir dee vun de fréiere Musikanten am Joer 1949 an Eeeregie erbaute Musekssall ze renovéieren an ze revaloriséieren. Dës vun all Duerfveräin a vun der Gemeng bei all Geleechenheet genotzte Privatsall vun der Musek war ferm an d'Jore komm. Et huet mussen eppes geschéien, well Sécherheet, hygienesch Aariichtungen, Bühn an Daachkonstruktioun, Elektrescht, asw. hunn net méi de Virschreft fir en öffentlecht Lokal entsprach. Well d'Musek ierwer déi Renovatioun finanziell net



eleng konnt droen, huet de Rob mat sengem Komitee d'Initiative ergraff a bei der Gemeng ugeklappt, fir hir Hëllef ze froen.

D'Realisatioun vun deem Projet war net einfach an huet zu politeschen Turbulenzen a Polemik am Duerf gefouert, déi der Musek a besonnesch dem Roby als Präsident vill ze schafe gemaach hunn. Mee de Roby huet net lass gelooss an et ass e gudden Deel säi Verdéngscht, datt haut e flotten a fir all Veräin disponible Musekssall dach nach zustane koum.

De Roby war och d'dreiwend Kraaft bei der Realisatioun vun engem nach haut aktuellen a flotte Buch „Kehlen Erinnerungen“ mat ale Fotoe vu Kielen a senge Leit, déi 1982 vun der Musek bei Privatleit gesammelt an duerno publizéiert goufen.

Hie war ausserdem Initiateur vun der 1988 entstanener a bis haut lafender formidabler musikaescher Partnerschaft mam Musikverein Kehlen-Meckenbeuren. Dës musikaesche Partnerschaft huet dann och de Grondstee geluegt fir déi spéider Partnerschaft tëscht deenen zwou Gemengen, Kielen Lëtzebuerg an Meckenbeuren Däitschland. Et war deemno och net méi wéi verdéngt, datt de Roby vun der Union Grand-Duc Adolphe de „Chevalier de l'Ordre européen de mérite musical“ den 18. März 1997 iwwerrecht krut, als Dank fir säin onermiddlechen, jorelaangen Engagement am Sënn vun dëser Partnerschaft.

D'Kielener Musek huet dem Roby enorm vill ze verdanken a wäert hien ni vergiessen!

Vun der éischter Stonn un huet de Roby de Comité de jumelage als

Präsident geleet an d'Aktivitéiten am Kader vun der Partnerschaft ëmmer weider op verschiddene Pläng ausgebaut. Säi perséinlechen Asaz, mat ongezielte Stonnen, war oft de Garant, fir datt eng Manifestatioun vum Jumelage sollt en Erfolleg ginn.

No der Aweigung vum Brenneimusee an der Grënnung vun de „Frënn vum Kielener Brennereimusee“ am Joer 2009 huet de Roby sech spontan bereet erkläert, dësem jonke Veräin op d'Spréng ze hëllef. Versammlunge mam Roby waren eng Beräicherung, well et konnt een enorm vill vun him léieren. Mat senger unverkennbarer Manéier, sengem Wëssen a senger Erfahrung huet hie wäit ausgeholl fir a Rou, mat Iwwersicht a Wäitsicht sengen Iwwerleeunge fräie Laf ze loosse, a jiddereen huet nogelauschert.

Et konnt een dankbar sinn, hien a senge Reien ze hunn, jo esouguer houfreg, dass hien, dee jorelaang der Musek de Stempel opdréckt hat, hien, deen de Jumelage mat Meckenbeuren erméiglecht huet, elo nodeems en endlech d'Pensioun an Zäit hat, sech hierginn huet, bei de „Frënn vum Brenneimusee“ eng Hand unzepaken. Mee dat seet een esou, eng Hand beim Rob war dat Ganzt.

Seng zevill kuerz Zäit bei de Frënn vum Brennereimusee stong am Zeeche vum gutt matenee sinn, Freed hunn a sech asetzen fir d'Saach, je, esou konnt nëmme ee sinn, dee vill Erfahrung hat an am Kär ee Gudder war. De Roby war ëmmer mat honnert Prozent Engagement derbäi, esou wéi nach sonndes, de 7. November, op der „Journée de l'histoire locale“ zu Mäerzeg.

Mam Roby ass ee Stéck Liewen vun der Kielener Musek, vun de „Frënn vum Brennereimusee“, vum Veräinsliewen allgemeng a vu ganz Kielen fortgaangen.

Hie feelt iwwerall a villen Amenter. Mee et geet virun, esou wéi de Roby et och gäre gehat hätt an däi Bongert, Roby, ass a gudden Hän.

An wann Trauer lues a lues Plaz mécht fir déi gutt Erënnerungen, wou mer zesumme souzen, geschwat a gelaacht hunn, bleiwt ee Saz nach laang an eise Gedanke pechen: „A wat hätt de Rob derzou gesot?“

Fanfare Kielen
Comité de jumelage
Frënn vum Brennereimusee